- Breidweiler 18.00 **Virowendmass** Albert Goedert / Jm Nic Dom-Weydert a Fam Dom-Weydert-Mirkes / Jm Clementine Demuth-Arend a Fam Demuth-Arend / Jm Anna Penning-Flammang
- Herborn 18.00 **Virowendmass** Fam Schou-Esch / Emile Schroeder / Fam Dahm-Roulling-Reiter
- Gonderange 18.30 **Virowendmass** Armand Seyler a Cecile Kieffer, Emile Kieffer an Irma Linden / St Geschw. Marie, Pauline a Virginie Linden / St Jos Goebel-Kieffer
- Echternach 18.30 **Virowendmass** Lucie Grosch-Bausch, Fam Grosch-Hoffmann / Jm Henri Negrini-Frantz
- Echternach 20.00 **Messe** pour la communauté portugaise

### Sonndes 15.12.

- Girsterklaus 09.00 **Keng Mass**
- Junglinster 09.00 **Téleesmass** Marcel a Jean Beck / Fam Berns-Mangen
- Echternach 09.00 **Mass**
- Echternach 10.30 **Mass** fir d'Par
- Osweiler 10.30 **Pontifikalmass** mam Kardinol Jean-Claude Hollerich "80 Joer Rundstettoffensiv" fir all an eiser Géigend gefalen Zaldoten a fir Fridden virun an no der Mass Zeremonie bei de Monumenter / Aloyse Schroeder
- Beaufort 10.45 **Mass** Lucie a Berni Fisch-Weckering / Jean-Pierre Hoff
- Girsterklaus 15.30 **Rousekranz**
- Echternach 18.30 **Owesmass** Maria Hilges

### Méindes 16.12.

- Echternach 09.00 Mass (Krypta) z. E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger
- 18.00 Kannergottesdénsgsch
- Ënnersauer 18.00 Kannergottesdénsgsch



**Dënschdes 17.12.**

Echternach	09.00	Mass op Meenung
Osweiler	09.30	Mass
CIPA-Consdorf	10.30	Mass St Anna a Régine Dupont (H 1998)
Altlinster	18.00	Mass
Echternach	19.00	Date mat Gott fir Erwuessener

**Mëttwochs 18.12.**

Echternach	09.00	Mass (Muttergotteskapell) op Meenung EG
Beaufort	10.30	Mass (Seniorenresidenz)
Echternach	18.30	Kanner- a Familjemass

**Donneschdes 19.12.**

Echternach	09.00	Mass Aloys a Marguerite Ernzer-Wagner a Fam
Echternach	18.30	Stëll Anbetung
	19.00	Vesper

**Freides 20.12.**

Echternach	09.00	Mass op Meenung
Junglinster	18.00	Stëll Anbetung
	18.30	Roratemass am Käerzeschäin Fam Hermann a Weber
Born	18.30	Mass



## 4. Adventssondeg

Lk 1,39-45

### Samschdes 21.12.

- Echternach 15.00 Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer)  
 Moersdorf 18.00 **Virowendmass**  
 Echternach 18.30 **Virowendmass** Emmanuel Schoentgen a Fam Schoentgen-Schumacher  
 Gonderange 18.30 **Virowendmass** Nicole Kremer-Frank, Jos Goebel-Kieffer, Flore a J-P Kremer-Steffen, Irma an Emile Kieffer-Linden, Armand Seyler-Kieffer

### Sonndes 22.12.

- Girsterklaus 09.00 **Mass** Henriette Weydert  
 Echternach 09.00 **Mass**  
 Echternach 10.30 **Mass** fir d'Par / 1. Im Judith Faber  
 Junglinster 10.45 **Mass**  
 Girsterklaus 15.30 **Rousekranz**  
 Echternach 18.30 **Owesmass**

Maria ging übers Gebirge  
 um nicht allein zu sein  
 von Frau zu Frau  
 mit einer zu sprechen  
 der es so ging wie ihr.

Ein freudiges Wiedersehen –  
 in einer Umarmung  
 Kind zu Kind  
 gedrückt –  
 voll Freude  
 hüpfte das eine  
 voll Freude und Jubel  
 sangen sie.

*Ilse Pauls*



Antependium Strassburg

# Gottesdénsgchter fir Chrëschttag

## Dënschdes 24.12.

CIPA-Lënster	11.00	Mass
Bech	11.00	Gottesdénsgcht
Berdorf	16.00	Chrëschtmass
Junglinster	17.00	Familljemass
Echternach	17.00	Familljemass
Rospport	17.00	Familljemass
Steinheim	18.00	Chrëschtfeier
Hemstal	18.00	Chrëschtmass
Born	18.30	Chrëschtmass
Beaufort	20.00	Chrëschtmass
Mompach	22.30	Metten
Echternach	23.00	Metten

© Krëppchen vu Consdorf Norbert Stors



## Mëttwochs 25.12.

Girsterklaus	08.30	Chrëschtmass
Echternach	09.00	Chrëschtmass
Rodenbourg	09.30	Chrëschtmass
Echternach	10.30	Chrëschtmass
Osweiler	10.30	Chrëschtmass
Junglinster	10.45	Chrëschtmass
Echternach	18.30	Chrëschtmass
Echternach	20.00	Messe de Noël pour la communauté portugaise

## Donneschdes, 26.12.

Herborn	10.30	Chrëschtmass
Echternach	10.30	Mass
Breidweiler	10.45	Chrëschtmass
Bollendorf-Pont	10.45	Gottesdénsgcht

Die Botschaft von Weihnachten:  
 Es gibt keine grössere Kraft als die Liebe.  
 Sie überwindet den Hass,  
 wie das Licht die Finsternis  
 Martin Luther King

## Impressum Parbréif Par Regioun Iechternach St Willibrord

Oploo: 3000 Ex., kënnst ca 8 mol am Joër eraus, gedréckt an der Imprimerie de l'Est.  
De nächste Parbréif kënnst de 22. Dezember eraus a geet bis de 9. Mäerz 2025.

**Redaktiounsschluss 29. November 2024**

## Kontakt

**Francis Erasmy**, Paschtouer a Moderateur, ✉ 28, rue de la Montagne  
L-6470 Echternach ☎ 727296 - 621 246624 📧 ferasmy@pt.lu

**Carlo Morbach**, Paschtouer, ☎ 621 197083 📧 carlo.morbach@cathol.lu

**Luc Schreiner**, Paschtouer, ✉ 5, rue Luc Bonblet L-6582 Rosport ☎ 691 842052

**Anise Metz**, Parassistentin, ☎ 720149 📧 aimetz@pt.lu

**Josiane Mirkes**, Parassistentin, ☎ 621263256 📧 josiane.mirkes@education.lu

**Luc Zimmer**, Titularkatechet, 12, porte St Willibrord L-6486 Echternach,  
☎ 26720376, 📧 luc.zimmer@cathol.lu

**Konto Parbréif: BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000**

(Kierchefong - Par Regioun Iechternach)

## Parbüro Iechternach

12, Porte St Willibrord L-6486 Echternach, ☎ 720149, 📧 iechternach@cathol.lu

**De Parbüro ass op vu Dënschdes bis Donneschdes 10.00-12.00 Auer**

oder op Rendez-vous

**vum 23.12.24-06.01.25 as de Parbüro zou**

iwwer Telephon si mir ereechbar.

## Büro Parzenter Lënster

15, rue du Village L-6140 Junglinster, ☎ 780043

**Permanence: Méttwochs 10.00-10.45 Auer a Freides 16.30-17.45 Auer**

(de Büro ass zou an de Schoulvakanzen)

## Konto Massintentiounen:

**BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000**

Kierchefong C.T./Reg Iechternach

*Fir all Uertschaften ass et déi selwecht Kontosnummer*



### Um Internet:

eist **Parliewen** fannt Dir op: [cathol.lu/iechternach](https://cathol.lu/iechternach)  
d'**Basilika** (eis Parkierch) fannt Dir op: [basilika.lu](https://basilika.lu)  
d'**Lënster Kierch** fannt Dir op: [lensterkierch.lu](https://lensterkierch.lu)



# Jubilé 400

## 400 Joer Wallfaart bei d'Tréischterin

### Zur Geschicht vun der Oktav

Den 8. Dezember 1624 huet de Jesuittepater Jacques Brocquart zesumme mat jonke Studenten vum deemolege Jesuittkolléisch an enger Präsessioun eng Statu vun der Muttergottes virun d'Diere vun der Stad gedroen, fir se um Glacis-Feld opzestellen. Dëst war den Ufank vun enger populärer an offizieller Frëmmegkeetsbewegung, déi vun deemools un d'réliéist an d'ëffentlecht Liewen an der Stad Lëtzebuerg, am Land an doriwwer eraus geprägg huet. Virun allem ass dëst de Gebuertsdatum vun der Oktav zu Eiser Léiwer Fra vu Lëtzebuerg, der Tréischterin am Leed.

Op Invitatioun vum Här Äerzbëschof, dem Kardinol Jean-Claude Hollerich, gëtt de 400. Anniversaire vun dësem bedeitende Grënnungsevenement fir d'Kierch hei zu Lëtzebuerg mat engem Mariejubiläum gefeiert. Dëse Jubiläum geet vum 8. Dezember 2024 bis de Schlussoktavsonndeg, de 25. Mee 2025.



### Highlights am Dezember

- 05.12. 19.00 Auer an der Kathedral  
Buchvirstellung vum Georges Hellinghausen senger neier Oktavgeschicht "Klagt in Leid..."
- 08.12. Pontifikalmass zur Erëffnung vum Jubiläum  
uschl. Präsessioun mat der Tréischterin bis  
an d'Glaciskapell
- 08.12.- 15.12. Festwoch an der Glaciskapell
- 15.12. Retour vun der Tréischterin an  
d'Kathedral mat uschl. Familljemass

**De komplette Programm** ronderëm  
d'Jubiläumsféierlechkeete fannt dir op:  
[www.cathol.lu/jubile400](http://www.cathol.lu/jubile400)

**Un scan,  
un don**



- Scannez ce QR code Payconiq
- Entrez le montant de votre don
- Validez votre don

Jubilé Maria

# Liestipp...

Hubert Wolf

## Die geheimen Archive des Vatikan

und was sie über die Kirche verraten

C.H.Beck Verlag München 2024, 240 Seiten,  
26,00 €.



Ee vu menge geschätzte Kierchenhistoriker, den Hubert Wolf, huet een neit Buch publizéiert, dat sech effektiv wéi ee Roman liest. Munchereen stellt sech scho beim Numm „geheime Archive“ eppes ganz Besonnesches, eppes Verdächteges vir. Mat Geheimniskréimerei huet et allerdéngs näischt ze dinn. De Begrëff „segreto“ - „geheim“ mengt einfach „privat“. Dat „Geheimarchiv“ ass ganz einfach déi Privat Sammlung vun Dokumenter vum Chef vun der kathoulescher Kierch. (Vgl. S.12f.) An deene verschiddenen Archive vum Vatikan ass zënter Joerhonnerte praktesch alles un Dokumenter, Korrespondenzen a Villes méi

gesammelt ginn. Zënter 2020 sinn elo och d'Archiven aus der Zäit vum Pöpst Pius XII. fir d'Fuerschung fräi ginn. D'Dimensioun vun den Dokumenter ass eenorm. Eleng fir d'Zäit vum Pontifikat vum Pius XII. existéiere ronn véierhonnert dausend Schachtele mat bis zu dausend Blieder. (S. 12) Et kann een sech also virstellen, wat do un Aarbecht virun den Historiker läit, déi dat wëllen opschaffen, wat eleng an deenen 19 Joer geschitt ass.

Den Hubert Wolf ass ee vun den Historiker, deen sech mat grousem Asaz dofir interesséiert a versicht zu verschiddenen Themen een Duerchbléck ze fannen. Déi éischt dräi Kapitele vum Buch (S. 17-69) befaassen sech dofir och mat dem Pius XII. Do sinn déi vill Ufroe während der Verfolgung vun de Judden, déi un de Pöpst gericht goufen an déi een neie Bléck fräi ginn, wéi de Vatikan a wéi de Pöpst selwer an deene Fäll gehandelt huet. Dat zweet Kapitel beschäftegt sech da mat der Haltung vum Pius XII. am Krich zur Verfolgung vun de Judden iwverhaapt. Nach ëmmer steet d'Fro am Raum, firwat de Pöpst deemools net méi däitlech eppes dozou gesot huet. Bis haut ass dat net geklärt an et muss wuel och nach vill Studien zu deem Thema gemaach ginn. Een drëtt Kapitel gëllt der Zäit, wou de Pius XII. nach net Pöpst war an Nuntius an Däitschland war. Hei gëtt zimmlech kloer, wéi hien ëmmer nees versicht huet méiglechst gutt fir d'Kierch ze verhandelen a kee widder de Kapp ze stoussen.

A weidere Kapitele ginn dann exemplaresch Beispiller vun der Zensur (Index vun de verbuedene Bicher) oder vun der Inquisitioun duergestallt. (Kapitel 4 a 5, S. 71-110)

Et ass wéi ee Krimi, wa munch intrigant Machenshafte versiche Leit fäerdeg ze maachen. Mä dat ass leider bis haut an



der Kierch an och an der Gesellschaft esou. Am Kapitel 6 geet den Auteur dorop an, wéi een zum Poopst gëtt. Am Laf vun de Joerhonnerten huet sech do Villes geännert. Spannend ass et allerdéngs bis haut bliwwen. D'Archive verrodend och hei munch interessant Episoden aus der Geschicht.

Dat 7. Kapitel ass da ganz aktuell. Hei geet et ëm Reformen a Versich vu Reformen am Laf vun der Geschicht vun der Kierch. Bis haut hale munch reaktionär Memberen un der aler Theorie fest, dass alles schon ëmmer esou war an dofir dierft sech och näischt änneren. Mä de Poopst Franziskus huet jo selwer 2017 festgestallt: „In Rom Reformen durchzuführen heißt gleichsam die Sphinx von Ägypten mit der Zahnbürste zu putzen.“ (S. 133) Mir selwer kënt et vir, wéi wann et wierklech esou ass an eiser Kierch. Et ass frustréierend ze gesinn, wéi wéineg Méi sech vill héichgestallte Leit domat maachen a léiwer alles verkomme loossen. Ee klore Bléck an d'Archive weist awer, dass nach laang net ëmmer alles esou war, wéi et schéngt. D'Kierch huet sech ëmmer nees verännert an de Strukture wéi och an de Methoden an och an den Dogmen.

Wichtig erschéngt eng Revisioun vum Zölibat fir Priister. Hei ass de Bléck an d'Geschicht an an d'Archive vu ganz grousem Wäert a weist der Kierch een Auswee aus engem Dilemma, deen si kolossal läämt. (S. 147-163) Mä et ass wuel mat dem Gesetz vum Zölibat esou wéi och mat der Onfeelbarkeet vum Poopst. Et ass eng Geschicht vun der Muecht iwwer Mënschen, vun Afloss an Zentralismus, jo vläicht och vu Blannheet virun der Geschicht. De Poopst Pius IX. huet den 18.6.1870 dee berüchtigte Saz formuléiert: „Ich bin die Tradition, ich, ich bin die Kirche.“ (S. 166) Domat war eng liddi

lancéiert, déi et esou ni an der Kierch gouf. Natierlech ass dëst Dogma net einfach vum Himmel gefall. Laang virdru gouf doru geschafft an d'Dokumenten aus der Zäit virun der Verkënnegung si scho ganz opschlossräich iwwer d'Diskussionen, déi deemools gefouert goufen. Bis haut musse mir eis awer mat dem Dogma vun der Onfeelbarkeet erëm schloen. Och hei wier et un der Zäit eng Reform ze maachen. Den Text vum 9. Kapitel ass eng Aart Zesummeffaassung vum Auteur sengem Buch „Der Unfehlbare. Pius IX. und die Erfindung des Katholizismus im 19. Jahrhundert, München 2020“, dat och ganz liesenswäert ass.

Dat lescht Kapitel ass dann, ech géif gäre soen d'Glanzstéck vun der Absurditéit an der Kierch am 19. Joerhonnert. Ee grouse Skandal am Nonneklauschter Sant'Ambrogio bréngt all Klischeeën, déi ee kann hu vun der Kierch, op ee Punkt: „Sex and crime“ an der héchster Potenz. Hei kann een nëmme soen, dass d'Realitéit all Fiktioun iwwerhëlt. Och dëst lescht Kapitel ass eng Kuerzfaassung vum engem Buch, dat den Hubert Wolf scho viru längerer Zäit eraus ginn huet: „Die Nonnen von Sant'Ambrogio. Eine wahre Geschichte, 4. Auflage München 2015“.

Insgesamt ass d'Buch eng Aart Kompendium vu ville Studien, déi den Hubert Wolf an deene leschte Jore publizéiert huet. Wann een sech en lwwerbléck iwwer déi 10 Theme wëll verschafen, dann ass een hei ganz richtig. Literatur fir sech da weider ze informéieren, gëtt hien zu all Kapitel un. Et ass een absolutt liesenswäert Buch.

*Carlo Morbach*

# Buchvorstellung von Dr. Michael Summer


Dienstag 19. November | 19.00 Uhr | Trifolion Echternach

Anlässlich der Veröffentlichung seines Buches "Willibrord between Ireland, Britain and Merovingian Francia (690-739). Beyond Mission", das im Oktober 2024 bei Liverpool University Press erscheint, wird Dr. Michel Summer (Heidelberg) im Trifolion einen Vortrag über seine Forschung zu Willibrord halten und im Anschluss mit Prof. em. Dáibhí ó Cróinín (Galway) über das Buch diskutieren.

Die Veranstaltung wird auf Luxemburgisch und Englisch stattfinden, eine Übersetzung wird angeboten.

**Anmeldungen bis 14. November 2024 an [reception@echternach.lu](mailto:reception@echternach.lu) oder 72 92 22-1. Der Eintritt ist frei.**

Eine Veranstaltung der Stadt Echternach  
in Kooperation mit der Irischen Botschaft Luxemburg.



## Concerten an eisen Kierchen

**Samschdes 23. November | 20.00 Auer | Basilika  
„Bach auf dem Weg zu Buxtehude“**

*Le Madrigal de Luxembourg*

*Trierer Konzertchor*

*Dirigent: Jochen Schaaf*

*Uergel: Jos Majerus*

*Orchester: Schöneck Ensemble*

*Sopran: Finat Aronstein*

*Alt: Fillippa Moeres-Busch*

*Tenor: Alexander Gebhard*

*Bass: Thomas Herberich*



**Freides den 20. Dezember | 20.00 Auer | Basilika  
„Singende, klingende Basilika“**

Basilikachouer Eechternoach (Leedung: Marc Juncker)

Chorale Ste. Cécile Jonglënster (Leedung : Luc Nilles)

Orchester „Estro Armonico“ (Leedung: Guy Goethals)

Jos Majerus, Basilika-Organist | Leedung: Marc Juncker

*Georg Philipp Telemann: Deutsches Magnificat | Michael Haydn: Kantate „Lauft, ihr Hirten“*

*Johann Sebastian Bach: Choral „Brich an, o schönes Morgenlicht | Choral „Ich steh an deiner Krippe hier“*

*Antonio Vivaldi: Gloria (Eingangschor) | Franz Xaver Gruber: Stille Nacht, heilige Nacht*

*Johann Sebastian Bach: Jauchzet, frohlocket (aus dem „Weihnachtsoratorium“)*

# Concerten...

- Samschdes, **26.10.** 20.00 Auer an der **Peter a Paul Kierch-Iechternach**  
Lauschkonzert mit Musik mit Erzählung
- Dönschdes, **05.11** 19.00 Auer an der **Basilika - Iechternach**  
Uergelkonzert mam Jos Majerus
- Freides, **08.11.** 20.00 an der Kierch zu **Lënster**  
Concert vun der Militärmusik
- Samschdes, **23.11.** 20.00 Auer an der Kierch zu **Bur**  
Wanter Concert vun der Burer Musek
- Samschdes, **23.11.** 20.00 Auer an der **Basilika-Iechternach**  
Concert mam Madrigal vu Lëtzebuerg an Konzertchor Trier
- Freides, **29.11.** 19.30 Auer an der Kapell **Girsterklous**  
Wanterconcert mam Gesangensemble Iechternacher Musikschoul  
(Schüler vum Evelyn Czesla, begleet vum Jos Majerus)
- Freides, **06.12.** 18.30 Auer an der Kierch zu **Lënster**  
Roratemass, mat der Classe de Chant vum Marie  
Reine Nimax-Weirig a Solisten vun de *Pueri Cantores*
- Samschdes, **07.12.** 19.30 Auer an der Kierch zu **Buerglënster**  
Concert vun der Bierger Musek,
- Sonndes, **15.12.** 17.00 Auer an der Kierch zu **Lënster**  
Concert vun den Lenster Ourewirm
- Dönschdes, **17.12.** 17.00 Auer an der Kierch zu Lënster  
Chrëschtkonzert v.d. Iechternach Musekschoul
- Freides, **20.12.** 20.00 Auer an der **Basilika** Singende, klingende Basilika
- Sonndes, **22.12.** 15.00 Auer Chrëscht Concert vun der Hieber Musek
- Sonndes, **22.12.** 16.00 Auer an der Kierch zu **Bollendorf-Bréck**  
Eng Uucht tëschent dem Advent a Chrëschttag  
(Mary's Singers; Frënn v.d. Chorale Biwer-Hemstal)
- Donneschdes, **26.12.** 17.00 Auer an der Kierch zu **Gonnereng**  
Chrëschtconcert vum Musikensemle Divertimento  
den Erléis ass fir d'Associatioun "Little Angels"



# Gemeinsam unterwegs

Bibel und Synodalität der Kirche ... in einer zerbrechlichen Welt

## *Ensemble en chemin*

*Bible et synodalité de l'Église... dans un monde fragilisé*

**Konferenz von Prof. Dr. Thomas Söding**

**4. November 2024 | 19.00 Uhr**


**Spiegelsaal, Lycée classique d'Echternach**

im Rahmen der Willibrorduswoche 2024

**>>> avec traduction simultanée en français <<<**



Catholic Biblical Federation  
Fédération Biblique Catholique  
Federación Bíblica Católica  
Katholische Bibelföderation



[www.c-b-f.org](http://www.c-b-f.org)



Centre de  
Formation  
Diocésain  
JEAN XXIII



Synode  
2021  
2024



Org.: Pfarrei Region Echternach St. Willibrord



## 250 Joer Lënster Kierch | Nächst Terminer

08.11.2024

**Concert | 20:00**  
Musique Militaire  
Grand-Ducale Luxembourg

Freier Eintritt /  
*Entrée gratuite*

Reservationen  
(+352) 621 375 295

17.11.2024

**10.45 | Festmesse**  
Patronatsfest  
St. Martin (Kiermes)

Feierliches Hochamt mit  
Mgr Leo Wagener,  
Weihbischof der Erzdiözese

**12.30 | Festessen**  
Abschluss der  
Feierlichkeiten

Restaurant "Bei den Zwillingen"  
Belenhaff (90 € p.P.)

Reservationen Festessen  
(+352) 621 375 295

## Dëst & dat...

### Parbüro

vum 23.12.24 - 06.01.25 as de Parbüro zou. Iwwer Telephon (720 149) si mir ereechbar. *Le bureau paroissial est fermé du 23.12.24-06.01.25.*



### Willibrordus-Oktave Krankewallfahrt

**Basilika Iechternach  
Freides 08.11.**

15.00 Rousekranz

15.30 Mass fir déi Krank an Eeler

An der Basilika ass virum Altar  
Plaz fir d'Rollstill.

All Joer ass et eng schéin Erfahrung  
fir jiddereen, dien dobäi ka sinn.

### Verkaf vun Käerzen

den **7. an 8. Dezember** (2. Advent) ginn an de Kierchen aus der Gemeng Lënster dei traditionnell Käerzen vun OTM (Objektiv Tiers Monde) verkaf. Den OTM schafft zënter laangem fir Haiti, e Land daat nach ëmmer op Hëllef ugewisen ass.

Eng Käerz kascht 12 €.

### Eechternoacher Massdéiner

**Stäerenaktioun, den 2. Adventssondeg, 7. an 8. Dezember**

Och dëst Joër kënn' Dir nees de aarme Kanner a Latäinamerika eng Freed maachen, andeems dir e Stäer vu Pro Ninos Pobres kaaft. Symbolesch fir d'Deelen, dekoréieren dës Stäeren d'Chreschtbeem an der Basilika. Verkaf fir a no de Massen.

#### Chrëschtmoart

D'Eechternoacher Massdéiner invitéieren Iech och dëst Joer nees op hiere Stand um Chreschtmoart, den **13. - 15. Dezember**. Mir waarde mat eisen traditionelle Spezialitéiten - Knippercher, Cre-19, Roségülhwäin, Chreschtbéier, Chreschtkaarten, etc.. - op Iech!

### Date mat Gott

**Den Date ass eng Virbereedung op d'Firmung!**

Déi nächst Treffte sinn:

**Iechternach 18.00 Auer an der Basilika: 12.11 - 03.12. (fir déi Jugendlech)**

**Iechternach 19.00 Auer an der Basilika: 26.11. - 17.12. (fir déi Erwuessen)**

**Lënster 18.00 Auer am Parzentrum (15, rue du Village) 19.11. - 10.12.**



## Adventsfenster lechternach

D'Fraen a Mammen lechternach décorieren eng Adventsfenster am Kaplounshaus. Wann Dir an d'Basilika gitt (bei der Trap zur Parkplaz Decker hin), da bleift een Ablack stoen a kuckt iech déi schéin Fënster un.



## Adventsfenster Gemeng Konsdref

Dëst Joer kennt Dir an der Gemeng Konsdref während dem Advent, wann alles gutt klappt, 24 Adventsfenster bewonneren. D'Ouverture vum „liewegen Adventskalenner“ ass Sonndes den 1.12.2024 um Chrëschtmaart um Scheedgen (dëse Chrëschtmaart ass den 30.11. owes a Sonndes den 1.12. mat Besuch vum Kleeschen am Nomëtteg).

Während dem ganzen Advent gëtt all Owend bei engem aneren Haus eng Adventsfenster owes ëm 18 Auer feierlech opgemaach, mol als „Stëllfënster“ mol als „Lieweg Fënster“ wou jiddereen d'Fënster bäi gemittlechem Zesummesinn bewonner kann an d'Aktioun mat engem Don ënnerstëtze kann.

No an no sinn esou flott dekoréiert Fënsteren bei verschiddenen Haiser duerch d'Gemeng ze bewonneren a mir kennen eis op d'Fest vu Chrëschttag astëmmen.

Wou wéi eng Fënster opgemaach gëtt, wäert de 5.11. owes ëm 20 Auer an enger Reunioun am Festsall um Scheedge festgeluecht ginn. Mëtt November publizéiere mir dann dee ganze Kalenner op den Internetsäiten vun den Oeuvres St Bathélemy a vun eiser Par an och an de soziale Medien.

Als groussen Ofschloss invitieren mir lech elo schonn fir Sonndes de 5. Januar 2025 am Nomëtteg an der Kierch zu Prätler zesummen Dräikinnexsdag ze feieren, wou mir den Erléis iwuerreechen

Ee grouse waarmhärzege MERCI un all déi Fräiwëlleg, déi sech bereet hunn, fir bäi dëser Aktioun matzemaachen fir datt mir d'Aktioun „Adventsfenster an der Gemeng Konsdref“ duerchféiere kennen.

**Adventsfenster an der Gemeng Konsdref**  
Fenêtres de l'avent dans la commune de Consdorf

**Maacht mat!**  
Participez!

Kontakt / contact :  
advent2024@pt.lu  
621 622 511

Org.: Oeuvres St Barthélemy Consdorf

## Thé Dansant

D'Chorale Ste Cecile vu Lënster invitëiert op hiren "Thé Dansant",

**Sonndes, de 3. November**

am Centre Gaston Stein zu Lënster  
vun 15.00 bis 20 Auer

**mam Orchester "Los Amigos"**

Entrée: ab 14.30 Auer an der Mëtteskees



# Catéchèse en Paroisse

Luc Zimmer, Titularkatechet, ☎ 26720376  
 Parbüro: ☎ 720 149 📧 iechternach@cathol.lu



## Gottesdénsgchter fir Kanner

- zu **Bäerdref** an der Kierch, Samschdes 16.30 Auer Kannergottesdénsgcht
- zu **Befort** an der Kierch, Samschdes 18.00 Auer Kannergottesdénsgcht
- zu **Iechternach** an der Basilika: all Mëttwochs 18.30 Auer Kanner- a Familjemass
- zu **Lënster** an der Kierch: all Freides ëm 18.30 Auer Kanner- a Familjemass
- An der Gemeng **Rouspert/Mompech**, Méindes ëm 18.00 Auer Kannergottesdénsgcht

*An de Schoulvakazen si keng Kannergottesdénsgchter*

## Kannergottesdénsgcht an der Willibrordus-Oktave

All Kanner aus der Par Regioun Iechternach sinn häerzlechst invitéiert, zesummen mat hiren Elteren a Frënn:

**Mëttwochs, de 6. November um 18.30 Auer an der Basilika**

## Seenen vun de klenge Kanner

De Willibrord ass de Patréiner vun de Kanner, dofir sinn och déi ganz Kleng (0-6 Joer) an hir Familjen an hir Frënn häerzlechst invitéiert op:

**d'Kannerseening Freides, den 8. November**



## D'Lënster Kierchemaisercher...

...ass e Projet fir Kanner aus der Spillschoul a vum Cycle 2.1, all zwou Wochen Freides vun 18.15-19.15 Auer (ausser de Schoulvakazen). Déi nächst Treffen sinn am Parzentrum vu Lënster (15, rue du Village) den: **18.10.24- 08.11.24 - 22.11.24 - 13.12.24**

*...un projet au sein de l'église, pour les enfants de la Spillschoul et du cycle 2.1, le vendredi, toutes les deux semaines de 18h15 -19h15 (à l'exception des vacances scolaires), au centre paroissial de Junglinste (15, rue du village). Prochaines dates: **18.10.24- 08.11.24 - 22.11.24 - 13.12.24***

# Dat (Vir-) Lescht



„Mama“, ruft der Sprössling enttäuscht, „die Kerzen werden ja immer kürzer! Dabei steht da doch Wachskerzen drauf!“

„Papa, kannst du mir das Auto leihen?“ – „Nein, kommt nicht infrage.“ – „Aber hör mal! Ich bin doch alt genug.“ – „Du ja, aber das Auto nicht.“



## TIM & LAURA [www.wagnsbinger.de](http://www.wagnsbinger.de)





# Concert en l'honneur de St Willibrord

## Récital d'orgue par Jos Majerus

**Mardi 5 novembre**  
**19h00 Basilique St Willibrord**

### Programme

Johan Sebastian Bach (1685-1750)	Präludium und Fuge G-Dur BWV 541
William Walond (1725-1770)	Cornet Voluntary in G
Georg Böhm (1661-1733)	Vater unser im Himmelreich
Felix Mendelssohn Bartholdy (1809-1847)	Andante D-Dur – Thema mit Variationen (1844)
Josef Gabriel Rheinberger (1839-1901)	Orgelsonate Nr.4 (a-moll) op.98 <i>Tempo moderato - Intermezzo - Fuga cromatica</i>
Max Reger (1873-1916)	Benedictus op.59 Nr.9
Percy Whitlock (1903-1946)	Folk Tune (« Five Short Pieces » 1929)
Dom Paul Benoît (1893-1979)	Toccata (Allegro Vivo e Maestoso) sur l'hymne des Vêpres de la Fête de la Toussaint Paraphrase sur « Schau, heil'ger Apostel »

*Entrée libre*